adr

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. November 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Viru kuerzem goufen op der A3 neiaarteg Radaren installéiert, déi sollen iwwerwaachen, ob an de Gefierer, déi d'Spuer fir Fuergemeinschaften notzen, tatsächlech op mannst zwou Persoune sëtzen.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Fro stellen:

1) Kënnen déi nei Radaren och erkennen, ob e Puppelchen oder e klengt Kand hannen am Auto sëtzen? Falls jo, ginn dës als zweet Persoun gezielt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten